FÉDUSE Enseignement CGFP

Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

ACCORD SALARIAL VUM 29. JANUAR 2025

Léif Membere vun der FÉDUSE-CGFP,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Haut gouf en neie Gehälteraccord tëscht eisem Daachverband CGFP an der Regierung ënnerschriwwen !

Dir kënnt dësen Accord als PDF ënnert deem follgende Link eroflueden :

Accord salarial 29.1.2025

Nieft zwou linearen Erhéijunge vum Punktwäert, eng Kéier retroaktiv op den **1. Januar2025** ëm **2,00 %** an nach eng Kéier ëm **0,50 %** op den **1. Januar 2026**, goufen nach eng ganz Rei aner Punkte festgehalen, déi eis Enseignanten direkt betreffen, virop de Punkt 6 : « ***Les leçons supplémentaires des enseignants seront rémunérées à hauteur du taux normal des leçons d'enseignement. Le coefficient correcteur 36/52 appliqué aux leçons supplémentaires sera aboli.*** » Fir eis Enseignanten huet dës Dispositioun e gewaltegen Impakt op d'Bezuelung vun den Iwwerstonnen !

Substanziell besser Bezuelung vun den Iwwerstonnen

Ewéi dir wësst, huet d'FÉDUSE-CGFP an deene leschte Joren des Ëftere ferm kritiséiert, dass d'Iwwerstonnen däitlech méi schlecht bezuelt ginn ewéi d'Stonnen, déi zur regulärer Tâche gehéieren. Dofir hu mir eis och op deene relevante Plaze jorelaang an intensiv dofir agesat, dass dës historesch Ongerechtegkeet endlech ofgeschaaft gëtt. Am Kader vun de Verhandlungen zum neie Gehälteraccord hate mir den 13. Januar 2025 eng Entrevue mam Minister vun der Fonction publique, bei där d'Modalitéite vun der Bezuelung vun den Iwwerstonnen ee vun den Haaptsujete war.

Mat grousser Satisfaktioun däerfe mir iech elo matdeelen, dass zréckbehale gouf, dass de **reduzéierende Facteur 36/52**, deen zanter der Stolkris Ufank den 1980er Joren an der Formel zur Berechnung vun der Indemnitéit fir eng Iwwerstonn applizéiert gouf, **komplett gestrach** gëtt.

D'Ofschafe vum Facteur 36/52 bewierkt, dass de Bruttoloun fir eng Iwwerstonn ëm iwwer 44 % klëmmt !

Am Punkt 23 vum Gehälteraccord engagéiert sech d'Regierung, bis spéitstens den 1. Mee 2025 den entspriechende Gesetzesprojet op den Instanzewee ze schécken.

Mir soen de Membere vum Exekutivcomité vun der CGFP ausdrécklech Merci, dass si sech wärend de Gehälterverhandlunge fir eist Uleies staark gemaach hunn. Mat hirer Ënnerstëtzung konnte mir dës laangjäreg Fuerderung schliisslech duerchsetzen. Och dem Comité vum SNE-CGFP, deen d'Enseignanten aus dem Fondamental vertrëtt, soe mir Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an dësem Dossier.

FÉDUSE Enseignement CGFP

Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Eng substanziell besser Bezuelung vun den Iwwerstonnen dierft an Zukunft wuel méi Enseignanten dozou motivéieren, hir geleeschten Iwwerstonnen net méi op hirem CET unzespueren, mee sech se direkt ausbezuelen ze loossen. Wa sech d'Zäitspuerkonte manner séier fëllen, dierft dat op laang Siicht och e **positiven Impakt op d'Penurie** am Enseignement hunn.
Doriwwer eraus mussen eiser Iwwerzeegung no awer dréngend eng ganz Rei aner schoulpolitesch Moossnamen ergraff gi fir de **Beruff vum Enseignant insgesamt nees méi attraktiv** ze maachen. Nëmmen esou kann d'Penurie nohalteg ofgebaut an déi chronesch Iwwerbelaaschtung vun den Enseignantë reduzéiert ginn.

Och wa mir natierlech ganz zefridde sinn iwwert dës Errongenschaft, esou gesi mir se just als éischte Schrëtt a Richtung vun enger nach méi ugemiessener Bezuelung vun den Iwwerstonnen, déi d'Enseignanten heefeg vum éischte bis zum leschte Schouldag leeschte mussen. **De Comité vun der FÉDUSE-CGFP wäert sech jiddefalls och weiderhin dofir asetzen, dass d'Besteierung op den Iwwerstonnen ofgeschaaft a virun allem déi geleeschte Surtâche och fir d'Pensioun mat ugerechent soll ginn!**

Besser Bezuelung vun de Postes à responsabilités particulières

Schonn am leschten Accord salarial (9.12.2022) gouf déi maximal Unzuel un Enseignanten, déi an de Genoss vun enger sougenannter Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières kommen, verduebelt. Gläichzäiteg gouf deemools d'Majoratioun selwer deemools ëm 5 Punkte vu 25 op 30 p.i. no uewen ugepasst (an der Kategorie A1). De Punkt 2 vum neie Gehälteraccord gesäit elo eng **weider Augmentatioun ëm 7 p.i. vir**, retroaktiv op Januar 2025. Deemno kréien d'Enseignanten am A1 mat engem Poste à responsabilités particulières elo **37 p.i.** pro Mount ausbezuelt. Well dës Majoratioun pensionnabel ass, huet se och e **positiven Impakt op d'Pensioun**.

D'Majoration d'échelon pour fonctions dirigeantes, déi d'Direkteren an d'Adjointen d'office ze gutt hunn, geet gläichermoossen ëm 7 p.i. erop.

Verschidde statutär Verbesserunge fir d'Employéën

Deen neien Accord salarial gesäit och eng Rei spezifesch statutär Verbesserunge fir d'Kolleeginnen a Kolleegen Employéë vir:

- Laut Punkt 3 vum Accord kommen si schonn **no 12** amplaz no 20 **Déngschtjoren an de Genoss vum Pensiounsregime vum Fonctionnaire**, wat ënnert anerem bedeit, dass si ab dem Moment och de **Punktwäert vum Fonctionnaire** kréien (ongeféier 5,5 % méi héich ewéi dee vum Employé).
- Am Punkt 4 gouf festgehalen, dass d'Employéen sech schonn **no 10** amplaz ewéi bis ewell no 15 **Déngschtjoren an der Fonction publique kënne fonctionnariséiere loossen**.
- D'Employéë komme schonn um Enn vun hirer Période d'initiation (Stage) an de **Régime disciplinaire vun de Fonctionnairen**, wouduerch sech de **Kënnegungsschutz verbessert** (Punkt 15).

An de Punkten 20 bis 27 vum Accord salarial engagéiert sech d'Regierung jeeweils, déi eenzel Moossname bis zu engem bestëmmten Datum als Gesetzesprojet op den Instanzewee ze schécken. Genee ewéi eisen Daachverband CGFP drängt d'FÉDUSE jiddefalls op e **séiert Ëmsetze** vun alle Moossnamen aus dësem neie Gehälteraccord.

De Comité vun der FÉDUSE-CGFP
Lëtzebuerg, den 29. Januar 2025